

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Januar 2022

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister an un de Minister fir d'Fonction Publique weiderzeleeden.

Virun der Reform vum Rettungsdéngscht war et esou, datt Leit, déi am ëffentlechen Déngscht geschafft hunn a Course bei der Verwaltung vun de Rettungsdéngschter gemaach hunn, dës Course ganz einfach als Weiterbildung ugerechent kruten.


Elo soll et sou sinn, datt dëst net méi méiglech ass an datt Leit, déi ee Cours beim INFS (Institut National de Formation des Secours) absolvéieren, sech selwer beméie mussen, fir dës Weiterbildung eventuell beim INAP (Institut National de l'Administration Publique) unerkannt ze kréien.

Anerersäits mussen déi Leit, déi haaptberufflech beim CGDIS schaffen, dës Démarchë beim INAP net ënnerhuelen. Si kréien hir Coursen, déi si beim INFS beleeën, automatesch vum ëffentlechen Déngscht unerkannt.

An deem Kontext hunn ech folgend Fro un d'Madamm Minister:

Firwat gëtt et elo, wéi et schéngt, dësen Automatismus net méi? Firwat gëtt eng Weiterbildung vun engem Fräiwëllege vum CGDIS beim INFS net méi automatesch vum INAP unerkannt?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten